# LEARN

# 05 | Oktober, 2016

learning expertise
and research network

*Learning expertise and research network | ECCS a LUCET Fuerschungsunitéiten, Universitéit Lëtzebuerg*
*11, porte des Sciences | L-4366 Esch-sur-Alzette*


# Editioun 2016

Wëllkomm zu der fënnefter Editioun vun der LEARN-Newsletter.

LEARN ass d'Ofkierzung fir Learning Expertise and Research Network, dëst heescht esou vill wéi „Léierexpertise a Fuerschungsnetzwierk". Wéi eisen Numm et ausdréckt, si mir e Grupp vu Wëssenschaftler a Praktiker, déi sech fir Léierprozesser a Léierschwieregkeeten interesséieren. Dobäi kucke mir op d'Léieren aus enger bestëmmter Perspektiv, nämlech aus der Perspektiv vun de Kognitiounswëssenschaften.



D'Léieren duerch de Bréll vun de Kognitiounswëssenschaften ze kucke bedeit, dass ee probéiert ze verstoen, wat fir eng fundamental Léierprozesser an eisem Gehir oflafen a wéi dës zesummespillen, fir schliisslech déi komplex Fäegkeeten ervirzebréngen, déi mir an der Schoul an am deegleche Liewe benotzen. Dofir interesséiere mir eis net nëmme fir d'Liesen, d'Schreiwen an d'Rechnen, mee och zum Beispill fir Exekutivfunktiounen, Aarbechtsgediechtnes, phonologesch Bewosstheet oder basesch numeresch Virstellungen.

An eiser Rubrik „Ënnert der Lupp" konzentréiere mir eis dëst Joer op Interventiounsstudien. Eng Interventiounsstudie ënnersicht d'Effekter vun engem Trainingsprogramm op d'Léieren an engem spezifeschen Domän. Mir stellen Iech eng Rei vun esou Projeten an de Beräicher Sprooch a Mathe vir, déi rezent hei zu Lëtzebuerg gelaf sinn oder nach lafen. Wéi den Artikel erkläert, sinn esou Interventiounsstudien zäitintensiv fir d'Kanner, d'Enseignanten an d'Fuerscher. Dobäi ass et immens wichteg, dass d'Fuerscher an d'Acteure vum Terrain sech austauschen an zesummeschaffen. Genee dat ass d'Zil vun dësem Netzwierk, dat sech mam Léiere befaasst. „Stëmmen aus der Schoulpraxis" ass eng nei Rubrik an hei befaasse mir eis dës Kéier mat der Entwécklung vu phonologescher Bewosstheet a Schrëftsprooch bei jonke Kanner, z. B. wéi jonk Kanner Symboler als geschriwwe Sprooch interpretéieren. Mir stellen Iech och 2 lëtzebuergesch Servicer vum Terrain vir: de SCRIPT an d'Équipes Multiprofessionnelles.

Mir wënschen Iech vill Freed beim Liese vun dëser Newsletter a stinn Iech fir weider Informatioune gären zur Verfügung. ■

## Wat ass en Trainingseffekt?

Fir kënnen Aussoen doriwwer ze maachen, ob e speziellen Training och wierklech eppes bréngt, muss een e wëssenschaftlech evaluéieren. Ganz spezifesch kuckt een dann, ob sech fir ee bestëmmten Training e sougenannten „Trainingseffekt" beobachte léisst. Dofir muss een eng Etude maachen, wou een den Training asetzt a wou een da mat wëssenschaftleche Methoden, wéi zum Beispill klengen Tester, kuckt, ob d'Kanner nom Training besser sinn ewéi virdrun. Well Schoulkanner nach staark an der Entwécklung sinn, ass et wichteg, eng sougenannte „Kontrollgrupp" mat anzebezéien, fir eng Ausso iwwer den Effekt vun engem Training ze maachen.

Dat ass dann eng Grupp vu Kanner, déi keen oder en aneren Training maachen. Dëst erlaabt ze gesinn, wat déi „normal" Entwécklung ass, fir se da mat der Entwécklung nom Training ze vergläichen. Dat heescht also, wa mir elo gesinn, dass Kanner no eisem Training besser si wéi déi Kanner, déi en aneren oder keen Training gemaach hunn, kënne mir vun engem Trainingseffekt schwätzen, deen eis erlaabt ze soen, dass eisen Training och wierksam ass. ■



## Iwwersiicht


S.03 Mental Flexibilitéit ënnerstëtzt d' Rechnen am 2. Schouljoer?

S.03 Ween huet Angscht vun der schwaarzer Zuel?

S.04 Wat ass Mathesangscht?

S.04 Wéi eng Funktioun kann Autoevaluatioun am Léierprozess vum Schüler anhuelen?

S.05 Kann d'Sprooch beaflossen, wéi mir Zuele verschaffen?

S.06 D'Épreuves Standardisées (ÉpStan): Verschidden Zorte vu Feedback

S.08 Ënnert der Lupp: Interventiounsstudien

S.09 Wéi léiere Kanner morpho-syntaktesch Informatiounen am Däitschen an am Franséische schreiwen?

S.10 Mam Lala „lauter lëschteg Lauter" léieren

S.10 Mathe-Fréiférderung am Precoce: Wéi wichteg sinn d'Fanger?

S.11 Multilinguaalt Léierpotenzial förderen: Zesumme mam Molly a Mally schwätzen a rechnen

S.11 Upcoming Events

S.12 Wat ass de MALLY?

S.12 Interview mam Sabine Angelsen a Sylvie Bodé aus der EMP

S.13 Nei Mataarbechter

S.14 Interview mam Luc Weis a Christian Lamy, Direkter an Direkter-Adjoint vum SCRIPT

S.15 Stëmmen aus der Schoulpraxis zum Thema „Literacy awareness"




**Ass.-Prof. Dr Pascale Engel de Abreu**
Fuerscherin/Professeur Associée bei ECCS. D'Pascale intresséiert sech fir d'Entwécklung vun der Sprooch, d'Ursaachen an d'Diagnose vu spezifesche Sproochentwécklunsstéierungen an Dyslexie, an d'Roll vun den Exekutivfunktioune/Arbeschtgedìechtnes beim Léieren.



**Dr Danielle Hoffmann**
Neuropsychologin/ Fuerscherin bei LUCET. D'Danielle ass drun intresséiert wéi d'Zuelerepresentatiounen sech entwécklen a wéi Zuele verschafft ginn an engem multilinguale Kontext.



**Dr Caroline Hornung**
Kognitiv Entwécklungspsychologin, Léierin a Fuerscherin bei LUCET. D'Caroline interesséiert sech fir d'Entwécklung vum Rechnen, Liesen a Schreiwen bei jonke Kanner an d'Faktoren déi dës Léierprozesser beaflosse kënnen (z.B. Exekutivfunktiounen, Sproochenhannergrond...)



**Prof. Dr Romain Martin**
Fuerscher/Professeur bei LUCET. De Romain beschäftegt sech mat kognitive Prozesser am schoulesche Kontext. Hien ënnersicht och wéi de soziodemographeschen Hannergronn an d'Funktiounsweis vum Schoulsystem d'Léieren beaflossen.



**Prof. Dr Christine Schiltz**
Fuerscherin/Professeur bei ECCS. D'Christine erfuerscht an enseignéiert wéi d'mënschlech Kognitioun sech entwéckelt. Sie intresséiert sech besonnesch fir d'Fro wéi d'Zuelebegrëffer bei Kanner an Erwuessener entstinn a wéi d'Gehir dës Prozesser steiert.



**Dr Anne-Marie Schuller**
Neuropsychologin an EEG-Expertin bei ECCS.. D'Anne-Marie erfuerscht wéi d'Opmierksaamkeet perzeptiv a kognitiv Prozesser ka beaflossen a wéi en Afloss dëst op d'numeresch Kognitioun huet.



**Dr Sonja Ugen**
Kognitiv Entwécklungspsychologin/ Fuerscherin bei LUCET. D'Sonja intresséiert sech fir d'Entwécklung an d'Léiere vum Liesen a Schreiwe wéi och fir den Afloss vun der Sprooch op d'Veraarbechte vu mathematesche Prozesser an engem multilinguale Kontext.

*TEXT © LEARN • IMAGES © Caroline Hornung, Christine Schiltz, Michel Brumat, Pascale Engel de Abreu, Sonja Ugen, Véronique Cornu & Willibrord Koch wann net anescht gekennzeechent.*

## Mental Flexibilitéit ënnerstëtzt d'Rechnen am Cycle 2?

Beim Rechne gebrauche mir Inhibitiounskontroll, Aarbechtsgediechtnes a kognitiv Flexibilitéit. D'Aarbechtsgediechtnes erméiglecht eis, Zuelen an Zwëscheresultater ze verhalen, fir d'Rechnung ze léisen. Visuell Ënnerstëtzung a konkret Material kënnen z. B. Kanner mat méi schwaachem Aarbechtsgediechtnes an der Schoul hëllefen (z. B. Jetonen, Fanger).

**Wat ass den anere Funktiounen hir Roll beim Rechnen?**

40 Kanner aus dem C2.2 hu 4 Aarbechtsblieder mat verschiddene Rechenaufgabe beschafft. D'Kanner hate pro Fiche 90 Sekonnen Zäit. Dës Rechenaufgabe wore Plusrechnen (z. B. 3 + 6 = ?), Minusrechnen (z. B. 5 - 3 = ?), ofwiesselnd Plus- a Minusrechnen (z. B. 2 + 4 = ? , 7 - 5 = ?) souwéi Plus- a Minusrechnen (z. B. 3 + 4 - 2 = ?). D'Kanner hunn och 3 Aarbechtsgediechtnes-Aufgabe sou wéi eng motoresch Aufgab mat 3 Duerchleef gemaach, fir Inhibitioun a Flexibilitéit ze moossen. Am 1. Duerchlaf vun der motorescher Aufgab sollt de Geste vum Testleeder imitéiert ginn (1 bzw. 2 Mol op den Dësch klappen). Am 2. Duerchlaf sollt een de Contraire maachen (Inhibitioun). Am 3. Duerchlaf huet een dat widderholl, wat den Testleeder gemaach huet, bis e Signal ze héiere war, wou een d'Reegel erëm sollt ëmdréinen (Flexibilitéit). Eis Resultater weisen, dass séiert a richtegt Rechnen am stäerkste mat der motorescher Aufgab zesummenhänkt, déi Inhibitiounskontroll a mental Flexibilitéit moosst. Wéi an der motorescher Aufgab hunn d'Kanner an de Rechenaufgabe vu Rechnung zu Rechnung séier mussen decidéieren, wéi eng Léisungsstrategie (Ofruff vum Laangzäitgediechtnes, zielend rechnen) unzewende war (Flexibilitéit). Doriwwer eraus hunn d'Kanner awer och vireg Resultater mussen ausblenden (Inhibitioun). Kanner, déi allgemeng méi flexibel tëscht Reegele bzw. Léisungsstrategien hin an hier wiessele konnten, haten och am Rechnen e Virdeel. ■

*Kontakt: Caroline Hornung & Danielle Hoffmann*



## Ween huet Angscht vun der schwaarzer Zuel?


Mathematik a Rechne sinn abstrakt Prozesser, déi op formalen Denkprozesser a Konzepter berouen. Nieft dëse kognitiven Aspekter kann d'Mathe awer och en Afloss op eis Gefiller an eise Gemittszoustand hunn. Ee besonnesch interessanten, awer och potentiell héich problemateschen Aspekt an dësem Kontext ass d'Mathesangscht. Fir besser ze verstoen, wéi Mathesangscht mat aneren, kognitiven Aspekter vun eisen Zuelefäegkeeten zesummenhänkt, hu mir 86 jonk Erwuessener mat verschiddenen numereschen, raimleche Gediechtnes- an Opmierksamkeetsaufgabe getest a mir hunn och hir Mathesangscht gemooss.

Et huet sech erausgestallt, dass Versuchspersoune mat méi héijer Mathesangscht net nëmme manner gutt arithmetesch Fäegkeeten hunn, mee och bei ganz einfachen Zuelenaufgaben (z. B. ass 3 méi grouss oder méi kleng wéi 5, ass 7 gerued oder ongerued?) liicht anescht virginn ewéi eis Versuchspersounen ouni Mathesangscht. An deenen aneren, méi allgemengen Aufgabe konnte mir keen Ënnerscheed feststellen, dee mat der Mathesangscht géif zesummenhänke bei dësem Grupp vu jonken Erwuessenen. Déi eenzeg Ausnam war hei en Test iwwer d'Fäegkeet, spontan Äntwerten ze ënnerdrécken, an deem d'Leit mat méi héijer Mathesangscht manner gutt ofgeschloss hunn. Dës Resultater weisen, dass Mathesangscht och scho mat ganz einfachen, elementaren Zuelenaufgaben a Verbindung steet an net just méi komplex Zuelenaufgabe wéi Rechne beaflosst. Zur Zäit si mir am Gaang, Kanner aus der Grondschoul mat ähnlechen Aufgaben ze testen, fir ze kucken, ob dës Schlussfolgerungen och scho bei Kanner wouer sinn. ■

*Kontakt: Christine Schiltz & Carrie Georges*

## Wat ass Mathesangscht?


Mathesangscht beschreift den Zoustand, dass Zueleverschaffen a Situatiounen, déi mathematescht Denke verlaangen, bei verschiddene Persounen Emotiounen ervirruffen, déi hir Leeschtung stéiert a manner gutt mécht. Laut der OECD (2013) sinn 30 % vun de 15-järege Jugendleche vu Mathesangscht betraff a beschreiwen, dass si nervös an ugespaant sinn, wa si an der Schoul oder doheem e Matheproblem musse léisen. Laut den neisten Erkenntnisser kënnen esouwuel ëmwelt- wéi perséinlechkeetsbedingt a kognitiv Facteuren d'Mathesangscht beaflossen. Bei de kognitive Facteuren ass zum Beispill d'arithmetesch Fäegkeet ee wichtegen Aspekt. Et fält op, dass Leit mat Mathesangscht och am Duerchschnëtt manner gutt an der Arithmetik si wéi Leit ouni Mathesangscht. ■




## Wéi eng Funktioun kann Autoevaluatioun am Léierprozess vum Schüler anhuelen?

Dem Schüler erlaabt d'Autoevaluatioun, iwwer säi Léieren a seng Kompetenzen nozedenken, dës anzeschätzen. Dës Autoevaluatioun ass och eng interessant Informatioun fir den Enseignant. Den Enseignant kritt esou Ablécker a kognitiv a motivational Prozesser vun de Schüler. Am Kader vum Projet SELFASSESS wëlle mir weider Erkenntnisser iwwer déi schoulesch Autoevaluatioun vun 9- bis 10-järege Schüler (Cycle 3) gewanne mat Hëllef vun Tablets. D'Autoevaluatiounsinstrument ass op de Plan d'études fir den Enseignement fondamental opgebaut. Et erlaabt de Schüler, hir Kompetenzen an der Mathematik an am Däitsch Liesverstoe baséierend op konkrete Beispiller selwer anzeschätzen. Schüler kréie verschidden Aufgabe gewisen a ginn op enger Skala (cf. Bild) no all Aufgab un, wéi sécher si sinn, déi Aufgab léisen oder net léisen ze kënnen. Fir den Impakt vun der Sprooch a vum Liesverständnis am Mathesdeel ze reduzéieren, ginn d'Schüler mat Hëllef vun Illustratiounen a kuerze Videoanimatiounen duerch d'Autoevaluatioun geleet. 658 Schüler aus dem Cycle 3 hunn hir Kompetenze mat eisem Autoevaluatiounsinstrument ageschat. De Schüler hir Aschätzungen iwwerschneide sech wesentlech mat hire Leeschtunge bei Kompetenztester (den Épreuves Standardisées). Weider Analyse weisen, dass d'Schüler och d'Schwieregskeetsgrade vun den Aufgaben erkenne kënnen: Wat d'Schwieregkeet vun der Aufgab zouhëlt, wat hir Sécherheet ofhëlt, d'Aufgab léisen ze kënnen. Aus dëse Resultater schléisse mir, dass Schüler am Cycle 3 capabel sinn, hir schoulesch Kompetenze valid anzeschätzen. Am längsschnëttlechen Deel vu menger Etude beschäftegen ech mech mat der Fro, wéi nëtzlech déi aus de Schüler-Autoevaluatioune gewonnen Informatioune fir d'Enseignante sinn. ■

*Kontakt: Denise Villányi*






## Kann d´Sprooch beaflossen, wéi mir Zuele verschaffe?

Zuelen a Mathematik ginn an der Schoul als ee Fach enseignéiert a mir wëssen aus der Fuerschung an aus eisen eegenen Erfarungen, dass Mathe ganz eegen a spezifesch Fäegkeete verlaangt. Kanner, déi gutt an der Mathe sinn, sinn z. B. net onbedéngt gutt an de Sproochen oder ëmgedréint. Am Lëtzebuerger Schoulsystem ass et esouguer esou, dass mir d'Sprooch vum Mathesunterricht an der Halschent vum Schoulparcours wiesselen, vun Däitsch an der Grondschoul op Franséisch am Lycée (secondaire classique). Mee ass dat wierklech esou, dass d'Mathe net vun der Sprooch beaflosst gëtt? Verschaffe mir d'Zuele wierklech onofhängeg vun der Sprooch, déi mir schwätzen?

Fir dëst erauszefannen, hu mir monolingual 10-järeg Kanner aus der Belsch getest, déi virun allem däitsch oder franséisch schwätzen an an der Schoul benotzen. An eisem Experiment hunn d'Kanner 2-stelleg Zuelen héieren an esou séier wéi méiglech missten déi richteg Zuel zwëschent 4 verschiddene Méiglechkeeten erëmfannen. Nieft enger normaler Präsentatioun hu mir och an enger 2. Konditioun fir d'éischt d'„Zehner" an dunn d'„Einer" gewisen an an enger 3. Konditioun fir d'éischt d'Einer an dunn d'Zehner.

Interessanterweis waren déi monolingual däitschsproocheg Kanner an dëser einfacher Aufgab méi lues wéi hir franséischsproocheg gläichaltreg Kolleegen. En plus konnten déi däitsch Kanner vun deenen 2 zerluechte Konditiounen (fir d'éischt d'Zehner oder fir d'éischt d'Einer) profitéieren, well si ware méi séier fir dës zerluechte Konditioune wéi an der normaler Konditioun, wou Zehner an Einer zesumme gewise ginn. Déi franséisch Kanner ware par contre just méi séier, wann d'Zehner virun den Einer gewise goufen.

Dës Resultater weisen, dass d'Verschaffe vu geschriwwenen Zuelen net komplett onofhängeg ass vun der Sprooch, déi mir schwätzen.

Am Contraire: D'Sprooch ka verschidden Aspekter vum Zueleverschaffe méi liicht oder méi schwéier maachen an et wier also wichteg, dëst an eiser Schoul an am Mathesunterricht ze berücksichtegen. ■

*Kontakt: Christine Schiltz & Alexandre Poncin*

# D'Épreuves Standardisées (ÉpStan): Verschidden Zorte vu Feedback

Am Kader vum Lëtzebuerger Schoulmonitoring maachen all d'Klassen aus dem Cylce 2.1, Cycle 3.1 a Ve/9e ufangs vum Schouljoer bei standardiséierten Tester mat. D'ÉpStan si speziell konzipéiert, fir Schlësselkompetenzen am groussen Ëmfang sou standardiséiert wéi méiglech kënnen ofzepréiwen.


D'Resultater zu dësen Tester ginn a Form vu 4 Feedbackzorten zeréckgemellt: en nationalen Iwwerbléck an een um Niveau Schoul, Klass a Schüler. Hei weise mir beispillhaft Ausschnëtter aus engem fiktive Klassen- a Schülerfeedback.

### Beispill vun engem Cycle 2.1 Klassefeedback


D'Schüler am Cycle 2.1 maachen 3 Kompetenztester. Am Klassefeedback gesäit den Enseignant als éischt, wéi vill Schüler sech ënner, um oder iwwer dem Niveau Socle befanne fir all Test.

Ausserdeem gesäit den Enseignant (cf. Grafik 1a), wéi d'Klassemoyenne (schwaarze Krees) par rapport zur Landesmoyenne (grénge Krees) ass. Besonnesch interessant op de Grafiken ass den Erwaardungsberäich (cf. Encadré), deen erméiglecht, d'Resultater vu Klasse mat ähnleche Schülerpopulatiounen ze vergläichen.


**Grafik 1a: Ausschnëtter aus engem fiktive Klassefeedback (Klass ABC)**




Mathematik




Éischt Schrëtt zur Schrëftsprooch




Lëtzebuergesch Héierverstoen


**Profil vun der Klass ABC**

*Kuckt ee sech déi 3 Grafiken un sou gesäit een, dass d'Klass fir d'Sproochentester am Erwaardungsberäich läit, an der Mathematik awer drënner läit.*

Obwuel d'Klass ABC fir den Test „Éischt Schrëtt zur Schrëftsprooch" liicht ënner der Landesmoyenne läit, fält d'Joresmoyenne an den Erwaardungsberäich, d. h. d'Klass schneit an dësem Test esou of wéi ähnlech zesummegesate Klassen. D'Klass ABC schneit an de Sproochen allgemeng gutt of.

An der Mathematik läit d'Moyenne ënner dem Landesmëttelwäert an ënner dem Erwaardungsberäich, d. h. d'Klass schneit manner gutt of wéi ähnlech zesummegesate Klassen. Wann ee sech d'Grafik 1b mat der Schülerverdeelung ukuckt, fält op, dass op d'mannst 9 Schüler méi niddreg Leeschtunge weisen, wéi ee sech dat erwaarde kéint. Dëst erméiglecht allerdéngs och, dëse Schülergrupp ze identifizéieren, fir e méi geziilt ze fërderen an ze motivéieren.

**Grafik 1b: Verdeelung vun der Mathekompetenz (all Krees symboliséiert e Schüler)**





## Wat ass een Erwaardungsberäich?

Fir d'Charakteristike vun de SchülerInnen (Unzuel Jongen a Meedercher, doheem geschwate Sprooch, sozio-ökonomeschen Hannergrond, Unzuel Schouljoer am Lëtzebuerger Schoulsystem, Migratiounshannergrond, etc) ze berécksiichtegen an e faire Feedback kënnen ze ginn, ugepasst un d'Zesummesetzung vun enger Klass berechne mir en Erwaardungsberäich.


Mat alle gesammelten Hannergrondinformatioune gëtt en Intervall berechent deen et erméiglecht d'Resultat vun enger Klass mat ähnlech zesummegesate Klassen ze vergläichen. Fält d'Resultat vun enger Klass an dësen Erwaardungsberäich, sou schneit Klass esou of wéi et statistesch ze erwaarde wier opgrond vun de Charakteristike vun de SchülerInnen.

**Beispill vun engem Cycle 3.1 Schülerfeedback**
Den Enseignant vun all Klass kritt fir all seng Schüler e Feedback vun all Test. Zesumme kënnen dës Resultater e Profil vun deem Schüler weisen.


**Grafik 2: Ausschnëtter aus engem fiktive Schülerfeedback**




Däitsch Liesverstoen




Däitsch Héierverstoen




Mathematik

**Profil vum Schüler**

*Däitsch Liesverstoen : liicht ënner dem Niveau Socle*
*Däitsch Héierverstoen: um Socle Avancé*
*Mathematik: um Niveau Socle*



## Wat ass e standardiséierten Test?

E standardiséierten Test ass eng Aart Evaluatioun nieft Leeschtungstester wéi klassesche Prüfungen, Portfolioen oder Observatiounen. Standardiséiert Tester liwwere méiglechst objektiv a fair Réckmeldungen doduerch, dass d'Ausschaffe vum Test, d'Duerchféierung an d'Verbesserungsprozeduren genee am Virfeld festgehale goufen.


De Schüler weist gutt Leeschtungen am Héierverstoen an an der Mathematik, awer schneit e bësse méi schwaach of am Liesverstoen. Dëst Resultat sollt a Relatioun bruecht gi mat senge Leeschtungen an der Schoul a muss net onbedéngt op eng Schwächt am Liesen oder Liesverstoen hiweisen.

De Schüler hat vläicht zum Testzäitpunkt kee gudden Dag (z. B. Middegkeet, Krankheet). Allerdéngs ass et wichteg, dass den Enseignant de Schüler an dësem Kontext méi no begleet a fir d'Liese motivéiert, zemools en am Héierverstoe vun däitsche Geschichte ganz gutt ofschneit.

Den nationale Bericht a weider Informatioune fannt Dir ënner: www.epstan.lu

*Kontakt: Sonja Ugen, Danielle Hoffmann & Caroline Hornung*

# Ënnert der Lupp: Interventiounsstudien




### Wat sinn Interventiounsstudien?

Interventiounsstudien am Beräich Psychologie an Educatioun si Fuerschungsprojeten, an deenen nei entwéckelt Trainingsprogrammer (z. B. phonologesch Bewosstheet – d'Fäegkeet, Lauter an der geschwatener Sprooch ze erkennen) ausprobéiert ginn a wou da gekuckt gëtt, ob dës Interventioun dann elo wierklech dat bewierkt, wat se soll. Interventiounsstudie si fir d'Wëssenschaft immens wichteg, well et ass u sech déi eenzeg Manéier, fir erauszefannen, ob dat, wat trainéiert gëtt (z. B. phonologesch Bewosstheet), wierklech d'Ursaach fir d'Entwécklung an engem spezifesche Beräich ass (z. B. Liesen).

Den Zesummenhang tëscht verschidde Facteuren ze kenne geet net duer, fir op Ursaache kënnen zeréckzeschléissen. Wa mir elo eng Fuerschung maachen, wou mir ganz bewosst d'Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet bei Kanner, déi nach net alphabetiséiert goufen, fërderen an da gesinn, dass dëst de Kanner hëlleft, besser liesen ze léieren, dann ass dëst e staarken Hiwäis dorop, dass d'phonologesch Bewosstheet wierklech eng Virleeferkompetenz vum Lieseléieren ass.

### Firwat sinn dës Studie wichteg?

Si si wichteg, fir eng kloer Iddi ze kréien, wat fir Fäegkeete wéi am beschte gefërdert kënne ginn. Dës Studie kënne souwuel bei Kanner wéi bei Erwuessenen an eelere Leit duerchgefouert ginn.
Gelongen Interventiounsstudie sinn och immens wichteg fir den Terrain: Si féieren derzou, dass neit Material, nei Methoden oder Traitementer ausgeschafft ginn. Esou „evidenzbaséiert" Material kënnen d'Leit um Terrain da spéiderhin och an der Praxis benotzen. Kanner a Leit mat potenzielle Problemer (z. B. Léierschwieregkeeten, Alzheimer ...) kënnen eventuell duerch d'Resultater vun Interventiounsstudie fréizäiteg identifizéiert a spezifesch gefërdert ginn. Well vill Interventiounsstudie gewisen hunn, dass eng gutt entwéckelt phonologesch Bewosstheet d'Lieseléiere vereinfacht, kéint een zum Beispill higoen an de Kanner hir phonologesch Bewosstheet schonn am Cycle 1 moossen. Esou kéinten dann déi Kanner fréizäiteg erkannt ginn, déi vläicht spéider Problemer mam Lieseléieren entwéckelen. Dëst géif engem erlaben, esou fréi ewéi méiglech ze intervenéieren an esou spéidere Liesproblemer entgéintzewierken.

### Wat ass eng randomiséiert Studie?

Eng Zort vun Interventiounsstudie wou op d'mannst zwou Gruppe vu Leit matenee verglach ginn: D'Leit am „Interventiounsgrupp" déi de Programm (oder Traitement) kréien, deen evaluéiert gëtt, an d'Leit am „Kontrollgrupp" ouni Interventioun oder mat enger Kontrollinterventioun. D'Gruppenzoudeelung ass randomiséiert, dat heescht si ass dem Zoufall iwwerlooss.

### Eis Interventiounsstudien:

- Wéi léieren Kanner morpho-syntaktesch Informatiounen am Däitschen an am Franséischen schreiwen?
- Phonologesch Bewosstheet: Mam Lala „lauter lëschteg Lauter" léieren
- Mathé-Fréiférderung am Précoce: Wéi wichteg sinn d'Fanger?
- Multilinguaalt Léierpotenzial färderen. Zesumme mam MOLLY schwätzen
- Mathéstraining fir Spillschoulskanner: MALLY

### Wéi ginn esou Studie gemaach?

Et gi verschidde Manéieren, eng Interventiounsstudie duerchzeféieren. Meeschtens gëtt et en „Interventiounsgrupp", deen e Programm oder Training matmécht, dee soll getest ginn, an e sougenannte „Kontrollgrupp". Dëse Kontrollgrupp kritt entweder en alternative Programm oder mécht einfach dat weider, wat e souwisou scho mécht (z. B. de Schoulprogramm). Et ass wichteg, souwuel d'Leit am Interventiouns- wéi och am Kontrollgrupp virun der Interventioun ze testen, fir den Ausgangszoustand festzestellen. Eréischt no dëser Evaluatioun (Pretest) fänkt d'Interventioun dann un. Dacks ginn d'Leit während der Interventioun suivéiert, fir zu verschiddene Momenter méiglech Fortschrëtter oder Ännerungen ze moossen. Ganz wichteg ass natierlech, jiddereen nees direkt no der Interventioun ze testen (Posttest) an dës Resultater mat deene vum Pretest ze vergläichen. D'Leit ginn oft nach eng Kéier no e puer Méint getest, fir erauszefannen, ob eventuell Effekter iwwer d'Zäit bestoe bleiwen.

Dacks gëtt gekuckt, ob een eventuell Effekter a Beräicher fënnt, déi an der Interventioun net spezifesch „trainéiert“ goufen. Dësen „wäiten Transfer“ ass e weidert Zil vun enger Interventioun. Am Fall vun engem Interventiounsprogramm am Beräich phonologesch Bewosstheet am Cycle 1 kéint een dann ënnersichen, ob dësen Training och elo wierklech zu enger Verbesserung am Liesen am Cycle 2.1 féiert. D'Method, fir e gudde Kontrollgrupp ze wielen, ass net evident, well an der Praxis meeschtens net ëmmer alles eent zu eent ëmsetzbar ass. Idealerweis sollen d'Leit am Interventiounsgrupp an am Kontrollgrupp sech näämlech eenzeg an eleng doranner ënnerscheeden, dass deen ee Grupp d'Interventioun kritt an deen aneren net. Ee Wee, fir dëst ze garantéieren, ass, et dem Zoufall ze iwwerloossen a wéi ee Grupp eng Persoun kënnt („randomiséiert kontrolléiert Studie“). Obwuel randomiséiert kontrolléiert Studien opwänneg sinn, si si onëmgänglech, fir ze wëssen, ob eng Interventioun wierklech eppes bewierkt oder net.

*Text: Pascale Engel de Abreu, Caroline Hornung, Sonja Ugen*

## Wéi léiere Kanner morpho-syntaktesch Informatiounen am Däitschen an am Franséische schreiwen?





An der geschriwwener Sprooch gi verschidden Informatioune festgehalen: Wéi klëngt e Wuert (Phonologie)? Wat ass de Stamm vum Wuert (Morphologie)? Wat ass d'Roll vum Wuert am Saz (Syntax)? Well verschidde vun dësen Informatiounen nëmmen am Geschriwwene festgehale ginn an net am Geschwatenen, sinn dës méi schwéier ze erléiere fir Schüler. An dësem Projet geet et ëm morpho-syntaktesch Informatiounen, déi am Däitschen (Grousschreiwung) an am Franséischen (Pluralform) just am Geschriwwene markéiert ginn.

Am Däitschen kann all Wuert groussgeschriwwen ginn, wann et de Kär vun enger Nominalphras bilt, onofhängeg vu senger eigentlecher Wuertklass. Gi Verben meeschtens klenggeschriwwen, sou gëtt <das laute Singen> trotzdem groussgeschriwwen, well d'Verb hei de Kär vum Sazdeel bilt (Nominalisatioun). Am Franséische sinn et d'Pluralforme vun Nomen <-s> a Verben <-ent> déi meeschtens nëmmen am Geschriwwenen notéiert ginn.

Wéi schwéier dat richtegt Schreiwe fir d'Schüler ass, hänkt vu verschiddene Facteuren of. Eng wichteg Roll spillt am Däitschen, ob et sech ëm konkret oder abstrakt Nomen („der Maler“ oder „die Angst“) oder awer eng Nominalisatioun („das Rot“) handelt, wéi d'Positioun am Saz ass (z. B. mat oder ouni Determinant oder Adjektiv virdrun: „der Hund“ vs. „Hund“ vs. „alte Hund“) an och wéi d'Frequenz vum Wuert ausgesäit (bekannt oder onbekannt Wuert); dat alles huet en Impakt op d'Schwieregkeet vu morpho-syntaktesche Markeren.

An dësem Projet ass en Trainingsprogramm opgesat ginn, fir de Kanner aus dem Cycle 4.1 eng konkret Hëllefstellung mat op de Wee ze ginn, fir besser mat der Groussschreiwung am Däitschen (6 * 20 Minutten) an der Pluralform am Franséischen (6 * 20 Minutten) eens ze ginn. Virun der Interventioun hu mir e sougenannte Pretest mat de Schüler gemaach, fir ze kucken, wou si stinn. Eis Resultater confirméiere Studien, déi bis elo nëmme mat monolinguale Kanner gemaach gi sinn am Sënn vun de verschiddene Schwieregkeetsniveaue vu morpho-syntaktesche Markeren. Sou hunn d'Schüler am Däitsche virun allem Schwieregkeete mat den Nominalisatiounen; wat d'Positioun ugeet, ass et am schwéiersten, wa keen Artikel virum Nome steet. Am Franséischen hunn d'Schü-




ler déi meeschte Problemer bei Adjektiver, déi nom Nome stinn (z. B. <les avions bleus>). D'Interventioun, déi genau dës Schwieregkeeten opgegraff huet, ass an 22 Klassen uechtert d'Land gelaf. Mir soen den Enseignanten, déi matgemaach hunn, e grousse Merci. D'Resultater vum Posttest no der Interventioun presentéiere mir an der nächster Newsletter.

*Kontakt: Sonja Ugen, Constanze Weth*




## Mam Lala „lauter lëschteg Lauter“ léieren

Dës Interventiounsfuerschung huet als Zil, de Kanner hir Virleeferkompetenzen aus dem Cycle 1.2 vum Liesen op eng systematesch a spilleresch Manéier opzebauen.

D’Interventioun gëtt vum Titulaire vun der Klass selwer mat alle Kanner duerchgefouert. Am Ganze maachen 8 Schoule mat: Heivunner komme 4 an den Interventiounsgrupp, d. h. si féieren de Programm duerch, an déi aner 4 schaffe sou weider wéi ëmmer (si kréien de Programm ee Joer méi spéit). Den 8 Schoule gouf de Projet op déiselwecht Manéier virgestallt a si hunn alleguerten hiren Accord misse ginn a wëllen um Projet deelhuelen, ouni am Viraus ze wëssen, ob si an den Interventiouns- oder de Kontrollgrupp falen. D’Enseignanten am Interventiounsgrupp kréien elo eng Formatioun vun e puer Deeg, wou hinne gewise gëtt, wéi si mat deem neie Material solle schaffen. Alleguerten d’Kanner ginn 3 Mol op hir sproochlech Kompetenzen evaluéiert: eng Kéier virun der Interventioun, eng Kéier direkt no der Interventioun an eng Kéier am 1. Schouljoer, nodeems si mam Liesen op Däitsch ugefaangen hunn.

D’Interventioun ass op Lëtzebuergesch an d’Beräicher, mat deene geschafft gëtt, sinn d’phonologesch Bewosstheet an d’Laut-Buschtawe-Korrespondenz. Eist ultimatiivt Zil ass den „wäiten Transfer“ op d’Lieseléieren an enger anerer Sprooch (Däitsch) am Fondamental. Spezifesch erhofft ee sech, dass déi Kanner, déi d’Interventioun am Prescolaire kruten, et dono am 1. Schouljoer méi einfach hunn, fir liesen ze léieren. D’Interventioun selwer leeft iwwer d’Schouljoer 2016/2017. ■

*Kontakt: Pascale Engel de Abreu a Cyril Wealer*

## Mathe-Fréiférderung am Precoce: Wéi wichteg sinn d’Fanger?



Scho Bëbeeën hunn intuitiv Zuelekompetenzen an interesséiere sech fir Quantitéiten. Baséirend op dëse Kompetenzen an awer och duerch eis Kultur, entwéckele si scho fréi méi wäitreechend Zuelekompetenzen. Tëscht 2 a 6 Joer léiere Kanner an eiser Gesellschaft zielen. D‘Léiere vun eisem Ziel- an Zuelesystem ass elementar wichteg, fir spéider méi komplex Arithmetik a Mathematik ze léieren. D’ÉpStan hunn awer gewisen, dass ongeféier 2-5 % vun de Kanner hei zu Lëtzebuerg sech am éischte Schouljoer nach mat einfachen Ziel- an Ofzielaufgabe schwéier dinn.

Fir ze kucken, ob ee mat geziilter Fréiférderung 3-järege Kanner kann hëllefe bei dësem Léierprozess, hu mir eng Interventiounsstudie duerchgefouert. Am Fréijoer 2014 hu mir e kuerze Fréiférderprogramm mat 3-järege Precoce-Kanner aus 2 Schoulen hei am Land duerchgefouert, fir ze kucken, wéi een Zuelen- an Zielléierprozesser ënnerstëtze kann. Ëmmer méi Studie weisen, dass d’Benotze vun de Fanger wichteg ass beim Zieleléieren. Dofir bënnt eise Fréiférderprogramm d’Fanger aktiv mat an. Iwwer 3 Wochen hunn d’Kanner a klenge Gruppen (3-4 Kanner) 10 Deeg allkéiers 15 Minutte laang Zielspiller gemaach; ëmmer mat Hëllef vun hire

Fanger. Virun dësen 3 Woche wéi och duerno hunn d'Kanner eng Rei kleng Aufgabe gemaach, fir ze moossen ob si sech verbessert hunn. Fir sécher ze sinn, ob eng eventuell Verbesserung mat eisem Training zesummenhänkt an net just z. B. domat, dass d'Kanner a klenge Gruppen zesumme schaffen, hu mir 3 Kontrollgruppe gemaach. Ee Grupp huet de Schoulprogramm ouni spezifeschen Training gemaach.

E Kontrollgrupp ass e Grupp vu Kanner, deen dem experimentelle Grupp an allem gläicht: an eisem Fall e Grupp vu Kanner, déi d'selwecht al waren an an engem ähnleche sozio-ökonomeschen Ëmfeld opwuessen.


Mat engem zweete Grupp hu mir e sproochbaséierten Training gemaach, deen näischt mat Zuelen ze dinn hat. A mat engem drëtte Grupp hu mir datselwecht gemaach wéi mat eisem experimentelle Grupp, just dass hei d'Kanner d'Fanger net hunn dierfe benotzen.

Eis Resultater weisen, dass nëmmen eisen experimentelle Grupp, also dee Grupp Kanner, wou mir Ziel- an Zuelespiller mat Hëllef vun de Fanger duerchgefouert hunn, sech konnt verbesseren. Dëst ass eng motivéierend éischt Indikatioun, wéi mir duerch e kuerzen a geziilten Training jonk Kanner ënnerstëtze kënne bei der komplexer Aufgab, sech an eisem Zuel- an Zielsystem ëremzefannen.
Deen nächste Schrëtt ass et, dëst mat engem méi grousse Grupp Kanner ze validéieren, an dës Kanner eventuell iwwer e puer Joer ze begleeden, fir ze gesinn, ob esou eng kuerz Interventioun och laangzäiteg Beneficen huet. ■

*Kontakt: Danielle Hoffmann, Sonja Ugen, Caroline Hornung*

---

## Multilinguaalt Léierpotenzial fërderen: Zesumme mam Molly a Mally schwätzen a rechnen






Dës Interventiounsstudie huet zum Zil, d'Sprooch respektiv d'Mathefäegkeete vu Kanner mat engem Migratiounshannergrond schonn am Prescolaire ze fërderen, fir sou eventuelle Léierschwieregkeeten am Fondamental fréizäiteg entgéintzewierken. D'Iddi baséiert op der wëssenschaftlecher Theorie, dass eng gutt etabléiert éischt Sprooch (och nach Mammesprooch) de Kanner hëlleft, zollidd Kompetenzen an enger zweeter oder drëtter Sprooch ze entwéckelen.

Gläich zwee Programmer goufe fir dëse Projet ausgeschafft: e Sproochprogramm MOLLY (Mothertongue Oral Language and Learning for Young) an e Mathesprogramm MALLY (Mathematical Learning for Young). Bei dëser Interventiounsstudie handelt et sech ëm eng randomiséiert kontrolléiert Studie, wou d'Kanner per Zoufall engem Grupp (MOLLY oder MALLY) zougedeelt goufen. Vu béide Programmer erwaarde mir eis positiv Resultater fir d'Kanner, just nëmmen an anere Beräicher – am Beräich vun der Sprooch fir de MOLLY-Grupp an am Beräich vun der Mathe fir de MALLY-Grupp.

Déi éischt 10 Woche vun der Interventioun sinn elo ofgeschloss an éischt Resultater si positiv a ginn an déi erwaarte Richtung. An der nächster Newsletter wäerte mir Iech weider iwwer dëse Projet informéieren a verschidde Resultater méi genee virstellen. Dëse Projet gëtt vum FNR an dem Unterrichtsministère ënnerstëtzt. ■

*Kontakt: Pascale Engel de Abreu, Véronique Cornu & Romain Martin*

## Upcoming Events

Wann Dir méi wëllt iwwer dës Interventiounsfuerschung gewuer ginn, da besicht eise Stand op de „Researchers days" den 2. an 3. Dezember an der Rockhal zu Esch-Belval. An eisem Workshop weise mir Iech, wéi d'Virleeferkompetenze vum Léiere bei jonke Kanner kënnen opgebaut ginn. Kommt mat Äre Kanner bei eis laanscht a léiert mam Molly, Mally a Lala liesen a rechnen. ■

*Kontakt: Pascale Engel, Romain Martin, Véronique Cornu, Cyril Wealer*

# Wat ass de MALLY?

Den Numm MALLY steet fir „Mathematical Learning for Young". Et handelt sech heibäi kuerz gesot ëm e Mathestraining fir Spillschoulskanner. D'Iddi ass et, déi sougenannte mathematesch „Virleeferfäegkeeten" ze trainéieren, dat heescht déi Fäegkeeten, déi d'Basis bilden, fir am éischte Schouljoer rechnen ze léieren. Zu deene Virleeferfäegkeete gehéieren zum enge Wëssen a Verstoe vu Quantitéiten an Zuelen. Et huet sech awer och erausgestallt, dass de Kanner hir visuell-raimlech Fäegkeeten zum Fundament am deem Beräich mat bäidroen. D'Férdere vun dëse Virleeferfäegkeeten an der Spillschoul ass besonnesch wichteg. Et huet sech a villen Etudë gewisen, dass de Kanner hir mathematesch Virleeferfäegkeeten um Ufank vum éischte Schouljoer hir weider Entwécklung am Rechnen an an der Mathe staark beaflossen a viraussoe kënnen. Et geet also net drëms, dass Kanner an der Spillschoul scho rechne léieren, mee hinnen eng fréi mathematesch Basis ze ginn, op déi si dann am 1. Schouljoer beim Rechneléiere kënnen opbauen.




Fir dem multilinguale Schoulkontext hei zu Lëtzebuerg gerecht ze ginn, gëtt probéiert, d'Sproochkomponent ze reduzéieren, fir dass all Kand, onofhängeg vu sengem Sproochhannergrond, am gläiche Mooss vun dësem Training profitéiere kann. Fir de Sproochafloss ze reduzéieren, schaffe mir verstäerkt visuell an dësem Training a notzen dofir iPaden, déi am Kader vum MALLY Training d'Roll vun enger klenger Schifertafel iwwerhuelen, wou d'Kand de ganzen Zäit gesäit, wat et mécht. Dës iPade kënne mat klenge Bichelcher oder mat anerem Material, wéi zum Beispill Wierfelen, benotzt ginn. ■

*Kontakt: Véronique Cornu & Romain Martin*



# Interview mam Sabine Angelsen a Sylvie Bodé aus der EMP



**Wie sidd Dir?**
Mir schaffe bei der Éducation différenciée, e Service vum Educatiounsministère. Mir si Pädagog respektiv Psycholog an enger Équipe multiprofessionnelle (EMP). An all Inspectiounsarrondissement vum Enseignement fondamental gëtt et eng EMP, si sinn also iwwer dat ganzt Land verdeelt. Et gëtt och eng EMP fir den Enseignement secondaire/secondaire technique.

**Wie kënnt bei Iech?**
D'EMPe sinn do fir Kanner aus dem Enseignement fondamental oder dem Enseignement secondaire/secondaire technique, déi spezifesch pädagogesch Besoinen hunn an déi integrativ an der Reegelschoul beschoult ginn. D'EMPe sinn och do fir déi Kanner aus dem Fondamental, déi Schwieregkeete begéinen a riskéieren, hir Scolarisatioun an hiert Wuel am Schoulkontext ze gefäerden.

**Wéi kënnt ee bei Iech?**
D'Schoulpersonal kann déi zoustänneg Commission d'inclusion scolaire (CIS) oder EMP iwwer d'Schwieregkeete vum Kand informéieren. Éischt Uspriechpartner sinn dono d'Elteren (resp. déi Erzéiungsberechtegt). D'Eltere kënnen och eegestänneg de Kontakt mat der EMP sichen, wa si eng spezifesch Demande hunn, wat Schwieregkeete mat/an der Schoul betreffen (d'Telefonsnummere stinn ënner www.ediff.lu oder kënnen um 26 44 44-1 nogefrot ginn).

**Wat geschitt konkret bei Iech?**
E wichtege Schrëtt vun der Équipe Diagnostic et Conseil vun der EMP ass et, d'Kand a säin Ëmfeld besser kennenzeléieren an ze verstoen.

**Heefeg Demarchë sinn:**

- den Austausch mam Kand
- den Austausch mat den Elteren, dem Léierpersonal oder anere Professionellen, déi schonns mam Kand geschafft hunn
- d'Beobachtung vum Kand
- d'Duerchféiere vu standardiséierten Tester, gewielten Epreuven oder Froebéi
- d'Zréckgräifen op bestoend Bilanen oder Evaluatiounen (schoulesch, medezinesch, paramedezinesch ...), déi d'Elteren eis zoukomme loossen.

Opbauend op dës Informatioune kënnen an der Zesummenaarbecht mat den Elteren, der Schoul, der CIS an anere bedeelegte Professioneller Proposen ausgeschafft an ëmgesat ginn, fir esou d'Kand a senger Entwécklung an a senger sozialer a schoulescher Integratioun ze ënnerstëtzen. D'Équipe Prise en charge ka bei dëser Ëmsetzung hëllefen. An dëser Equipe si spezialiséiert Intervenanten (z. B. Pädagog, Educateur ...), déi d'Kand zousätzlech an der Klass begleeden, wéi och Reeducateuren (Orthophonist, Psychomotricien, Ergotherapeut oder Kinesitherapeut). Déi geplangten Demarchë ginn no enger Zäit reevaluéiert.

**Wéi kann d'Fuerschung hëllefen?**
Déi schoulesch a sozial Integratioun vu Kanner mat spezifesche pädagogesche Besoinen an de Klasse vum Fondamental stellt eng Erausfuerderung duer. D'Recherche an dësem Beräich esou wéi d'Vermëttlung vun neien Erkenntnisser si wichteg Elementer op dësem Wee. Weider sinn déi meeschten Tester op Däitsch oder Franséisch. Fir präzis Aussoen ze maachen, wiere lëtzebuergesch Adaptatioune mat Standardiséierungen hëllefräich.

# Nei Mataarbechter

## Post-Doc Sabrina Aristei

Zënter Dezember 2015 schafft d'Dr. Sabrina Aristei am COSA Institut bei ECCS. D'Sabrina ass Spezialistin, fir mat der Elektroenzephalographie (EEG) d'Gehiraktivitéit ze moossen, während d'Versuchspersounen all méiglech verschidde kognitiv Aufgabe maachen. D'Sabrina interesséiert sech och dofir, wéi mir schwätzen, d. h. Sprooch produzéieren, a wéi dës Wierder e ganz präzisen a bestëmmte Sënn fir eis erginn. D'Sabrina wäert hir EEG-Etudë bei eis op der Uni zu Belval am Labo maachen a mir freeën eis op jidder Interesséierten, dee wëll bei eisen Etudë matmaachen. Der Sabrina hire Post-Doc gëtt vum Christine Schiltz betreit.


Post-Doc Sabrina Aristei

## Post-Doc Mathieu Guillaume

Den Dr. Mathieu Guillaume schafft zënter Mäerz 2014 am COSA Institut bei ECCS als Fuerscher a mir freeën eis, dass hien elo nach weider 2 an 1/2 Joer bei eis op der Uni schaffe kann, well hien d'Finanzéierung vun engem neien uni-interne Fuerschungsprojet (IRP/PUL) zougesot krut. De Mathieu wäert weider erfuerschen, wéi eist Verständnis vun Zuele sech entwéckelt, a sech och dofir interesséieren, wéi e méi komplext mathematescht Iwwerleeën a Raisonnéieren ofleeft. Fir dës Fuerschung benotzt hien d'Elektroenzephalographie (EEG), fir d'Gehiraktivitéit ze moossen. Dës EEG-Etudë wäert de Mathieu op der Uni am Labo maachen a mir freeën eis op jidder Interesséierten, dee wëll bei eisen Etudë matmaachen. Dem Mathieu säi Post-Doc-Projet gëtt vum Christine Schiltz betreit.


Post-Doc Mathieu Guillaume

## Post-Doc Ariana Loff

Zënter September 2015 ass d'Ariana Loff neie Postdoc am Grupp fir Sprooch a kognitiv Entwécklung, dee vum Pascale Engel de Abreu geleet gëtt. D'Ariana huet en Doktorat an der Psychologie vun der University of York an England an ass och diploméiert Enseignante a Portugal mat engem Master an der Kannerentwécklung an dem Léieren. Si ass Expertin am Beräich vun der Sproochentwécklung, dem Lieseléieren an der Dyslexie. Éier si op Lëtzebuerg koum, huet si als „Early Literacy Researcher" a Kanada geschafft (KSI Research International Inc). Op der Uni Lëtzebuerg ënnersicht si zesumme mam Pascale, wéi Kanner mat engem Migratiounshannergrond am beschten op d'Alphabetisatioun an enger Friemsprooch virbereet kënne ginn esouwéi d'Roll vun der éischter Sprooch (Mammesprooch) an dem Léiere vun enger zweeter oder drëtter Sprooch.



Post-Doc Ariana Loff

## Max Greisen

De Max Greisen schafft zënter Januar 2016 am COSA Institut bei ECCS als neie PhD Student. Hie krut en AFR-PhD-Grant vum FNR fir eng Method ze entwéckelen, mat der een déi elementar mathematesch Kompetenze vu Kanner kann testen a moossen, ouni dass dem Kand eng spezifesch Sprooch während dem Test opgedrängt gëtt. Bis elo kréien d'Kanner a standardiséierten Tester, fir Zuelen a Mathefäegkeet ze erfaassen, ëmmer déi verschidden Aufgabe mat sproochlechen Instruktiounen erkläert. Dat huet natierlech als Konsequenz, dass d'Kanner dës Instruktiounen an déi verschidden Aufgaben ëmmer nëmmen esou gutt verstinn, wéi si och d'Sprooch vun den Instruktioune verstinn. An dem neien Test, deen de Max entwéckelt, sollen d'Erklärungen all nëmme visuell vermëttelt ginn, sou dass d'Kanner sech hir Sprooch, déi si am Kapp gebrauchen, selwer kënnen eraussichen. Dem Max säi PhD-Projet gëtt vum Christine Schiltz betreit a wäert 3 Joer daueren.


Max Greisen

## Denise Villányi

Zënter September 2014 ass d'Denise Villányi Doktorandin bei LUCET op Basis vun engem AFR-PhD-Grant vum FNR. Si beschäftegt sech mat der Autoevaluatioun vu Schüler am Enseignement fondamental (Cycle 3). Fir hire Projet huet si en digitaalt Autoevaluatiounsinstrument fir Schüler aus dem Cycle 3 entwéckelt. Op Tablets kënne Schüler hir Kompetenzen an der Mathematik an am däitsche Liesverstoe selwer aschätzen. D'Zil vum Projet ass, weider Erkenntnisser zur Autoevaluatioun mat 9- bis 10-järege Kanner ze gewannen. Eng wichteg Froestellung ass, ob d'Autoevaluatioun vun de Schüler eng weider wäertvoll Informatiounsquell fir den Enseignant wier, nieft den eegenen Observatiounen an de standardiséierten Tester (z. B. Épreuves Standardisées). Dëse PhD-Projet gëtt vum Prof. Romain Martin, der Prof. Christina Siry an dem Dr. Antoine Fischbach betreit.


Denise Villányi

## Natalia Bilici

D'Natalia Bilici ass zënter 2014 Doktorandin am Fuerschungsinstitut Multilinguismus (MLing) vun ECCS. D'Natalia huet sech schonn an hirer Masteraarbecht fir Méisproochegkeet an d'Erkennen a Léiere vun de Lauter aus anere Sproochen interesséiert aus der Perspektiv vun der Linguistik. D'Natalia interesséiert sech an hirer Doktoraarbecht fir d'Léiere vu morpho-syntakteschen, d. h. grammatikaleschen Aspekter am Däitschen an am Franséischen. Virun allem interesséiert et si, wéi ee Schüler kann ënnerstëtze beim Schreiwe vun orthographesche Markeren – wéi bei der Groussschreiwung am Däitschen (<das laute Singen>) oder der Pluralform am Franséischen (< les fleurs> oder <ils courent>) –, déi net ausgeschwat ginn. Der Natalia hire Projet gëtt vum Constanze Weth a vum Sonja Ugen betreit.


Natalia Bilici





# Interview mam Luc Weis a Christian Lamy, Direkter an Direkter-Adjoint vum SCRIPT

De ***S****ervice de* ***C****oordination de la* ***R****echerche et de* ***l****'Innovation* ***P****édagogiques et* ***T****echnologiques* (SCRIPT) ass Deel vum Educatiounsministère.

**Wat geschitt bei Iech?**
De SCRIPT ass aktiv am Beräich vun der non-formaler an der formaler Bildung: Verännerungen am Schoulwiesen a Reforme gi vum SCRIPT mat virbereet, gestalt a begleet, woubäi Schoulentwécklung a -qualitéit am Mëttelpunkt stinn. Heibäi ass et wichteg, fir déi verschiddenst national an international Acteuren aus dem Educatiounsberäich mateneen ze vernetzen (Ministère, Enseignanten, Inspektorat, Comité d'École, Direktiounen, Programmkommissiounen, Universitéiten, Crèchen ...).

**Wie kënnt bei Iech?**
Prinzipiell schaffe mir mat allen Acteuren aus dem Schoulberäich zesummen, fir déi ënnerschiddlechst Projeten ze realiséieren; d'Schoulkomiteeë vun de Grondschoulen an den Direktioune vun de Lycéeën ënnerstëtze mir beim Ausschaffe vun de Schoulentwécklungspläng, de „Plans de développement de l'établissement scolaire" (PDS).

De SCRIPT koordinéiert a leet och eng Rei Aarbechtsgruppen, déi un theoretesche Konzepter, Epreuven, konkreten didaktesche Materialien oder praktesche Léisungen ewéi digital Plattforme schaffen, déi all als Zil hunn, d'Aarbecht um Terrain ze ënnerstëtzen. E puer Beispiller sinn d'Entwécklung vun Épreuves Communes, d'Opstelle vun de Programmer an de verschiddene Fächer am Secondaire, d'Entwécklung vun digitale Mathesübungen (MathemaTIC.lu), d'Ausschaffe vun den neie Bilans intermédiaires, d'eduSphere ...

**Wéi kënnt ee bei Iech?**
De SCRIPT funktionéiert vill mat Aarbechtsgruppen, an deenen Enseignante matschaffen. Dës Leit ginn an de Schoule rekrutéiert a schaffe fir d'Dauer vum Projet méi oder manner intensiv mam SCRIPT zesummen. De SCRIPT ass ëmmer interesséiert u Kontakter queesch duerch d'Land an un neien Iddien, fir Projeten ze lancéieren.

**Wéi ass d'Finanzéierung assuréiert?**
De SCRIPT als Deel vum Educatiounsministère gëtt iwwer de Staatsbudget finanzéiert. Vill vun de Mataarbechter schaffen och nach deels als Enseignant an der Schoul weider. Doriwwer eraus siche mir Kooperatioune mat aneren Instituter a profitéiere vun europäesche Projeten, fir d'Schoulentwécklung virunzedreiwen.

**Wéi kann d'Fuerschung hëllefen?**
D'Fuerschung ass extrem wichteg, fir datebaséiert Decisioune fir de Schoulsystem ze treffen, an dofir ass eng gutt Collaboratioun mat der Universitéit Lëtzebuerg néideg. Am Kader vum Schoulmonitoring (cf. Artikel iwwer d'Épreuves Standardisées) schafft de SCRIPT enk mam Luxembourg Centre for Educational Testing (LUCET) vun der Uni zesummen. Duerch d'Grënnung vum Luxembourg Centre for School Research and Development (LuCS) op der Uni gëtt dësen Austausch am Kontext vun der Entwécklung vu Programmer an didaktesche Materialien institutionaliséiert.

**Kontakt**
Zënter Ufank 2016 fënnt een de SCRIPT um eduPôle zu Walfer, wou ënner anerem och den Institut de Formation de l'Éducation Nationale (IFEN), zouständeg fir Aus- a Weiderbildung vun Enseignanten, lokaliséiert ass. De SCRIPT an den IFEN schaffen enk zesummen, fir d'Schoulentwécklung weiderzeféieren an ëmzesetzen. ■

SCRIPT
eduPôle Walferdange
Route de Diekirch
L-7220 Walferdange
www.script.lu

*Text: Sonja Ugen*

# Stëmmen aus der Schoulpraxis

**Wat bedeit „Best Practice“ am Beräich vun der „Literacy awareness“ an engem Cycle 1 zu Lëtzebuerg?**

D’Recherche iwwer d’Entwécklung vun de Léierprozesser beim jonke Kand huet gewisen, datt d’Kanner am Spillschoulsalter, ier se formal léiere liesen a schreiwen, scho Fäegkeeten entwéckelt hunn, éischt Zougäng zu dësen „Kulturtechniken“ ze gewannen. Si dekodéiere schonn, „liesen“ an erkenne Symboler, hiren Numm an Emblemer an der Ëmwelt, wéi Lego, Aral, Cactus, Match etc. a si kodéiere schonn a „schreiwen“ hiren Numm an éischt Buschtawen, z. B. op hire Wonschziedel fir de Kleeschen – d’Kanner sinn an enger prä-literaler a logographemescher Phas ukomm!

D’Roll an d’Aufgab vun den Enseignanten an dëser Phas ass et, d’Kanner bei der Entdeckung vun der Buschtawewelt ze ënnerstëtzen an duerch hir pädagogesch Handlungen dës Léierprozesser ze begleeden, weider unzereegen an ze gestalten, fir dass d’Kanner sech bewosst mat den 3 Komponente rondrëm d’Schrëftsprooch auserneesetze kënnen:

• Wéi eng Funktioun, wéi een Notzen huet d’Schrëft? Wat bedeit liese kënnen (z. B. e Kachrezept, eng Kannerzäitschrëft, etc.)? Wat bedeit schreiwe kënnen (eng Gebuertsdagskaart, eng Akafslëscht etc.)?

• Wéi eng Reegele gëtt et bei eisem Schreifsystem? Den alphabetesche Prinzip – och d’Phonem/Graphem-Korrespondenz genannt – entdecken an d’Iddi, datt geschwate Sprooch a Form vu Buschtawen a Buschtawesequenze representéiert gëtt.


• Phonologesch Bewosstheet, eng Schlësselfunktioun, entwéckelen, dat heescht an d’Lautstruktur vun der geschwatener Sprooch eralauschteren. Déi gëtt opgedeelt an „phonologesch Bewosstheet an engem wäite Sënn“ (Reimwierder erkennen, Silbesynthese maachen) an „phonologesch Bewosstheet an engem enke Sënn“ (deen éischte Laut vun engem Wuert identifizéieren: Vokaler, laanggezunne Konsonanten, wéi „W/V“ bei „Wanter“ oder „Vëlo“ z. B.).


Wéi geet d’Léierpersonal zu Lëtzebuerg am Cycle 1 ëm mat dëser Aufgab, déi am Plan d’Études mat den Indikatiounen „premiers pas vers la compréhension de l’écrit“ an „premiers pas vers la production écrite“ beschriwwe gëtt?

An eiser Fuerschungsaarbecht – „L’éveil au langage écrit – comment sont interprétées les premières expériences de ‚literacy’ au Cycle 1, au Luxembourg?“ (2014) – si mir dëser Fro nogaang. Aus der Analys vun den Äntwerte vu 50 Enseignante konnten, no engem „Best Practice“-Usaz, pädagogesch wäertvoll Handlungen identifizéiert ginn.

Doraus ass en Aarbechtsgrupp vun Enseignanten a Praktiker entstan, dee sech d’Aufgab gestallt huet, fir exemplaresch pädagogesch Aktivitéiten an engem „Recueil“ ze sammelen, deen de Professionelle spéider zur Verfügung gestallt soll ginn.

*Text: Brigitte KEIPES ép. SINNER, Multiplicatrice-Formatrice, Master in Management und Coaching im Bildungswesen*










ECCS ass eng Fuerschungsunitéit a LUCET ass e Fuerschungszentrum op der Uni Lëtzebuerg. Si hu leider nach kee Service, fir eng Prise en charge vu Léierschwieregkeete kënnen unzebidden. Wann Dir am Kader vun enger Léierschwieregkeet no Hëllef sicht, kontaktéiert w.e.g. ee vun de Servicer, déi um Terrain schaffen an eng Prise en charge ubidden.

Esou Servicer fannt Dir op eisem BLOG learningandresearch.wordpress.com. D'Lëscht ass à titre indicatif ze huelen an net exhaustiv. Weider Kopië vun dëser Newsletter (an/oder déi vun de leschte Joer) fannt Dir op dësem BLOG: http://learningandresearch.wordpress.com Dir kënnt och weider Exemplairë bei eis bestellen: learn@uni.lu (w.e.g. Numm, Adress an Unzuel uginn).

Wann Dir intresséiert sidd mat eis ze schaffen, weider Froen hutt oder Äre Service wëllt virstellen, kënnt Dir Iech gäre bei eis mellen.

Mir soen dem Fonds National de la Rechereche an der Universitéit Lëtzebuerg Merci, dass si ons Fuerschung finanziell ënnerstëtzen.

ECCS | EDUCATION, CULTURE, COGNITION AND SOCIETY

LUCET | LUXEMBOURG CENTRE FOR EDUCATIONAL TESTING

RPE | RESEARCH PRIORITY EDUCATION: FOCUSING ON MULTILINGUALISM AND DIVERSITY

LEARN learning expertise and research network